Fannt äre geneteschen Zwilling

… a rett säi Liewen.



# Infobroschür fir Stammzellespender

Plooschter Projet

www.plooschterprojet.lu

# E MESSAGE VUM VIZE-PRESIDENT

All Joer kréien ongeféier 15000 Leit, europawäit eng allogen Stammzelltransplantatioun.

D'Quelle fir Stammzelle sinn an éischter Linn d'Geschwëster, Friemspender, haploidentesch familial Spender (dat heescht Leit aus der Famill déi nëmmen hallef kompatibel sinn, wéi d'Elteren oder d'Kanner) a Stammzellen déi aus Nuebelschnouere geholl ginn.

Seid 2006 kommen déi meescht Spenden an Europa vu Friemspender, an net méi vu Geschwëster. Dëst läit drun, datt d'Zuel vun den Transplantatiounen an d'Luucht goung, ënnert anerem, well een hautdesdaags ëmmer méi eeler Leit och transplantéiere kann.

An de leschte Jore goufe méi haploidentesch Transplantatioune gemaach. Dëst ass awer nach eng Technik déi mat gréisseren infektiéise Komplikatioune verbonnen ass, an net an all Fall gebraucht ka ginn.



An den Nuebelschnouere sinn dacks ze wéineg Stammzelle fir en Erwuessenen, an fir een Patient brauch een dacks e puer Spender. An deene Fäll wou keng Geschwëster kompatibel sinn, bleiwen friem Spender déi ideal Quell fir Stammzellen. D'Indikatioune fir Stammzelltransplantatiounen sinn haut déi akut Leukämien, d'Lymphomen, d'Myelodysplasien an d'myeloproliferativ Syndromen. Aner Bluttkrankheeten, wéi chronesch Leukämien, ginn haut ëmmer manner transplantéiert, well een bei deene Krankheeten Medikamenter huet, déi eng formidabel Effikassitéit hunn.

Wann e Friemspender gebraucht gëtt, fënnt ee fir 75% vun de Patienten, bannent dräi Méint, e Spender. Dat heescht awer och, **datt 1 Patient op 3 hautdesdaags nach Schwieregkeeten huet, fir e Spender ze fannen.** Nëmme wa genuch Leit an de Stammzellregësteren ageschriwwe sinn, kënnen déi Patienten wierksam traitéiert ginn.

**Ech kann iech also nëmmen derzou encouragéieren fir Iech an esou engem Regëster anzeschreiwen** a soen Iech am Numm vun de Patiente Merci fir Äert Engagement.

Dr Laurent Plawny
Hématologie - Hémato-oncologie - Cancérologie

D'Statistike stamen aus dem Artikel «Hematopoietic stemm cell transplantation in Europe 2014»: more than 40000 transplants annually: Bone Marrow Transplantation (2016), 1-7.

# Wat ass de Plooschter Projet ?

De Plooschter Projet gouf vum Yannick Lieners, dee mat 25 Joer u Leukämie erkrankt ass, an d'Liewe geruff. Déi Form, déi bei him opgetratt ass, ka mat Medikamenter behandelt ginn. Et ginn awer Patienten, déi un enger méi schwéierer Form vu Leukämie erkrankt sinn, an dës Patiente sinn un eng Stammzellespend ugewisen.

Dës Patiente maachen eng Chemotherapie, déi ongeféier e Mount laang eng Wierkung huet. Am Laf vun dësem Mount musse si e Spender fannen dee passt, soss gi si réckfälleg a si mussen d'Therapie nees op en Neits ufänken.

**Leider fënnt zu Lëtzebuerg jiddwer drëtte Patient kee Spender dee passt, well net genuch Leit registréiert sinn.** Fir dëse Patienten ze hëllefen, huet e sech decidéiert fir de Plooschter Projet op d'Been ze stellen. De Plooschter Projet huet zum Zil fir esou vill Leit wéi méiglech derzou ze bréngen fir sech als Stammzellespender ze registréieren an esou vläicht **engem Leukämiepatient d'Liewen ze retten.**

# Gidd Stammzellespender !

Et gi verschidde Stéierunge vun der Bluttbildung wéi z.B. Leukämie, Anämie oder Immundefekter wéi Lymphomen, bei deenen et fir d'Patienten keng aner Behandlungsméiglechkeete wéi eng Stammzellentransplantatioun ginn. D'Warscheinlechkeet fir e gëeegente Spender an der Famill ze fannen ass däitlech méi grouss, (25%). **Trotzdem si vill Patienten un e frieme Spender ugewisen.**

BASISVIRAUSSETZUNG FIR E SPENDER:
**1.** 18 bis 40 Joer al sinn (vu 16 Joer u mam Accord vun den Elteren). Wann ee bis enregistréiert ass, kann ee bis 60 Joer Stammzelle spenden,
**2.** net méi wéi zwee Mol schwanger gewiescht ze sinn (Feelgebuerten abegraff),
**3.** méi wéi 50 kg weien,
**4.** gesond sinn.
**5.** festen Wunnsëtz zu Lëtzebuerg respektiv lëtzebuerger Nationalitéit hunn oder festen Wunnsëtz an Däitschland respektiv däitsch Nationalitéit hunn

Wann Dir dës Bedingungen erfëllt, musst Dir just nach e Gesondheetsfroebou ausfëllen an eng Bluttanalyse maachen, oder eng Spautprouf ofginn.



# 1. SCHRATT : D'REGISTREIERUNG

Et ass einfach Stammzellespender ze ginn. Et ginn zwou Méiglechkeeten :

**a) Sech doheem registréieren :** Dir kënnt mat Picken Doheem ënnert der Telefonsnummer 8002 4040 e Rendez-vous ausmaachen. Sot, datt Dir Iech als Stammzellespender registréiere wëllt. Et kënnt en Infirmier/eng Infirmière bei Iech heem oder op Är Aarbechtsplaz.

**b) am Labo registréieren :** Dir kënnt Iech an allen « Picken Doheem » Zentrume registréiere loossen. D'Lëscht vun alle Laboratoiren, déi deelhuelen, fannt Dir op www.plooschterprojet.lu.

# 2. SCHRATT : DÉI EIGENTLECH STAMMZELLESPEND

(nëmmen, wann dir als Spender a Fro kommt.)

Et ka sinn, datt Dir ni kontaktéiert gitt fir eng Stammzellespend ze maachen (d'Warscheinlechkeet läit bei ongeféier 5%). Wann e Leukämiepatient op Är Stammzellen ugewise sollt sinn, gi Dir kontaktéiert an et gëtt méi eng genee medezinesch Kontroll gemaach (CT, Confirmatory Typing).
**Wa bei dëser Ënnersichung festgestallt gëtt, datt Dir effektiv de passende Spender sidd, kënnt et zur Transplantatioun.**

Et kënnt zu enger Behandlung mat Piqûren, déi Dir selwer während ongeféier 5 Deeg doheem maache kënnt, déi d'Stammzellen am Blutt ureegen.

Doropshi geschitt déi eigentlech Stammzellespend déi tëscht 3 a 5 Stonnen dauert. Dës Spend gëtt an Däitschland zu Birkenfeld, 1 1/2 Stonn mam Auto, oder zu Köln duerchgefouert.

All d'Onkäschten gi vun der Gesondheetskeess iwwerholl.

**Mat dëser Spend kënnt Dir engem Leukämiepatient d'Liewe retten !**

# Dee Spender fannen dee passt

Fir den Erfolleg vun enger Stammzellentransplantatioun sinn d'Eegenaarte vum Tissu entscheedend. Wann dës net iwwerenee stëmmen ginn d'Zellen, déi transplantéiert goufen, ofgestouss well den Imunsystem si als friem erkennt a bekämpft. Et ass also immens wichteg, datt esou vill Eegenaarte wéi méiglech iwwerenee stëmmen fir de Patient net a Gefor ze bréngen.

Well et ganz vill verschidden Eegenaarten vum Tissu gëtt, ginn et Millioune vu verschiddene Kombinatiounen, wat d'Sich no engem gëeegente Spender immens schwéier mécht.

Deelweis ginn d'Eegenaarte vum Tissu verierft. Domadder geet d'Warscheinlechkeet drastesch an d'Luucht fir dee Spender, dee passt, an der Famill ze fannen.

Weider muss et virun enger Transplantatioun sécher sinn, datt de Spender keng Infektiounserreeger an sech huet, well dës op de Patient iwwerdroe kéinte ginn. Dofir si nach verschidde weider Ënnersichungen néideg, wann eng potentiell Iwwereneestëmmung festgestallt ass.

Déi meeschte Leit, déi registréiert sinn, ginn ni gefrot fir dës Ënnersichungen ze maachen. Dat läit dorunner, datt eng vun de Bedingungen net genuch erfëllt ass.







GIDD
STAMMZELLE
SPENDER,
RETT LIEWEN!
www.plooschterprojet.lu

# Wéi ginn d'Stammzelle beim Spender geholl?

Haut ginn et haaptsächlech zwou Methoden fir d'Stammzelle recuperéieren ze kënnen:

## 1. D'Stammzelle ginn aus dem Blutt geholl



Wann et méiglech ass ginn d'Stammzellen direkt aus dem Blutt geholl. **Dëst geschitt a 95% vun de Fäll.** No enger Behandlung vun enger Woch mat Medikamenter, déi derzou dengen d'Unzuel vun de Stammzellen, déi am Blutt sinn ze erhéijen, ginn d'Stammzellen duerch eng Apheres aus dem Blutt gewonnen. Dëst ass fir de Spender weider net méi onangenehm wéi eng gewéinlech Bluttspend.

D'Blutt leeft aus engem Aarm duerch en Apparat, deen d'Zellen trennt, an deen aneren Aarm. Bei dësem Virgang ginn d'Stammzellen aus dem Blutt erausgefiltert. Wann et noutwenneg ass, muss dëse Virgang den Dag drop widderholl ginn fir genuch Stammzellen, déi gebraucht ginn, ze gewannen.

De grousse Virdeel vun dëser Method ass, datt keng Operatioun an domadder och keng Narkos oder Openthalt an engem Spidol néideg sinn.



## 2. D'Stammzelle ginn duerch eng Punktioun vum Beckekamm geholl

Bei dëser Method gëtt d'Knachemuerch duerch eng Punktioun vum Beckekamm geholl. Den Agrëff gëtt stationär ënner Vollnarkos an engem Spidol gemaach. **Allerdéngs nëmmen a 5% vun de Fäll.** Dobäi gëtt ongeféier 1 Liter Schankemuerch-Blutt-Gemësch mat Hëllef vun enger Punktiounsnol aus dem Beckekamm geholl. D'Schank erhëlt sech komplett am Laf vu sechs Wochen, an d'Schankemuerch ass schonn no zwou Woche regeneréiert.

De ganzen Agrëff dauert ongeféier eng Stonn, an et bleiwen an der Regel keng Narbe bei deene klengen Astiechplazen. Et triede siele Problemer op, déi méi laang daueren. Zur Sécherheet vum Spender gëtt dës Method am Kader vun engem Spidolsopenthalt vun e puer Deeg duerchgefouert. D'Haaptrisikoe bei dëser Method si mat der Vollnarkos verbonnen.

# Wat wier t'Liewen ouni Hoffnung



“

Genee zënter dräi Méint, vun haut un, hoffen ech fir d'Liewe vun engem Meedchen vu 4 Joer aus Brasilien. Mir sinn net Famill, an iergendwéi awer. Zënter méi laangem hat ech mech als Schankemuerchspender enregistréiert.

Dëst Joer gouf ech du kontaktéiert, well meng Bluttwäerter eventuell passe géifen. Wéi ech weider ënnersicht gouf, huet sech erausgestallt, datt si esouguer perfekt passe géifen an ech gouf gefrot, ob ech d'Accord wier fir e Patient Schankemuerch ze spenden? Fir mech war d'Äntwert direkt kloer! Natierlech géif ech spenden! Wat sinn da schonn e puer Schankemuerchzellen, déi sech souwisou nees nobilden, géint e Mënscheliewen? D'lescht Woch krut ech d'Noriicht, datt ech elo och Lymphozyte spende soll, fir déi lescht Zellen ze bekämpfen. Ech wënsche mir esou déif, datt dat Klengt geschwënn déi Kandheet liewe kann, déi et verdéngt huet!

De Kriibs ass eng schrecklech Krankheet, an d'Wëssenschaft huet mat Schankemuerch- a Stammzellespenden eng Méiglechkeet fonnt, eng Kriibsaart mat Erfolleg ze bekämpfen.

An dësem Sënn: Loosst Iech registréieren, spent Stammzellen an hëlleft Liewen ze retten!

Villmools MERCI, datt Dir mir nolauschtert.

PS: No der OP war ech e bësse midd an an engems iwwergléckléch.

Marie Müller
Spender

”

Soulaang een net betraff ass, ass et engem oft egal, mee et ka leider jiddereen allzäit treffen. Am Alter vu 17 Joer denkt een net un eppes Schlëmmes wann ee Féiwer, Schüttelfrost an de Bauch wéi huet.

Mee et koum awer dunn anescht an no enger Zäit koum d'Diagnos, datt ech een T-Zell Lymphom, méi einfach gesot Lymphdrüsekriibs am IV Stadium hätt.

Domat hat wierklech kee gerechent. Direkt huet misse reagéiert ginn, an dunn krut ech bannent e puer Deeg scho meng éischt Chemo zu Homburg.

No 8 Zyklen war ech erliichtert an hu geduecht ech hätt et iwwerstanen, mee leider huet d'Schicksal et net gutt mat mir gemengt. De Kriibs ass erëmkomm an direkt stoung fest, datt meng eenzeg Chance et ze packen, eng Stammzellentransplantatioun wier.

Mäi Liewen war dee Moment ofhängeg vun enger Entscheedung déi eng friem Persoun géing treffen.

Ech hat immens Gléck an hunn zimlech schnell e passende Spender fonnt. Fir hie wor direkt kloer, datt hie mir wéilt hëllefen a mir domat eng zweet Liewenschance géif erméiglechen.

Ouni dee wonnerbare Mënsch géif ech elo net méi hei sëtzen, an iech iwwerzeegen fir iech ze registréieren.

Gëff och Du Stammzellespender a vläicht waart iergendwou op der Welt Däi geneteschen Zwilling hoffnungsvoll op Deng Hëllef, oder du op seng!

Liz Rehlinger
Empfänger



# FROEN DÉI DACKS GESTALLT GINN

## 01 Wat sinn Stammzellen?

Bluttstammzelle sinn déi sougenannte Virleeferzelle vun de Bluttzellen. Aus hinnen entstinn z.B. déi wäiss Bluttkierpercher (Leukozyten), déi rout Bluttkierpercher (Erythrozyten) an och d'Bluttplättercher (Thrombozyten). No enger Stammzellentransplantatioun kënne sech déi Bluttstammzellen, déi iwwerdroe goufen, am Kierper vum Patient usidelen, an d'System, dat Blutt bilt, ka seng Funktioun nees zeréckkréien.

## 02 Wéi ginn d'Stammzellen iwwerdroen a wéi gëtt ee gewuer, datt d'Transplantatioun Erfolleg hat?

Virun der Transplantatioun ginn déi krank Stammzellen, déi de Patient huet, duerch eng Chemotherapie zerstéiert. D'Stammzellen, déi gespent ginn, ginn dem Patient intravenéis zougefouert a verdeele sech iwwert d'Blutt, éier si sech an d'Schankemuerch annisten. Do fänke si un sech ze verdeelen an nei Bluttzellen ze bilden. Bis datt de Patient nees e funktiounsfäegt Immunsystem huet, verginn e puer Wochen. Bis dohinner bleift hien am Spidol fir observéiert ze ginn. Schonn no zwou bis véier Wochen no enger Transplantatioun, déi Erfolleg hat, kann eng Hausse vu wäissen a roude Bluttkierpercher esou wéi Bluttplättercher nogewise ginn. Wann dës Hausse sech mat der Zäit confirméiert, stinn d'Chance gutt, datt d'Transplantatioun reusséiert ass.

## 03 Wat geschitt, wann kee Spender fonnt gëtt dee passt?

Wa kee Spender fonnt gëtt dee passt, da gëtt probéiert dem Patient, deemno wéi säi Krankheetsbild ass, mat Hëllef vun anere Behandlungsmethoden ze hëllefen, dacks duerch Chemotherapie oder Bestralung. Wann dës Methode keng Wierkung weisen, bleift dacks nëmmen nach d'Stammzellentransplantatioun.

## 04 Wéi grouss sinn d'Chancen fir gesond ze ginn bei enger Stammzellentransplantatioun?

D'Chancen, fir ëmmer gesond ze ginn leien, jee no Krankheetsbild, tëschent 40 % an 80 %,well d'Reckfallquote, deemno wéi d'Grondkrankheet ass, staark variéiert. Desweideren spillen den allgemengen Gesondheetszoustand an den Alter vum Patient eng Roll fir d'Iwwerliewensdauer no der Transplantatioun.

## 05 Kann e potentielle Spender seng zougesote Spend zeréckzéien?

Et ka verschidde Grënn ginn, fir kuerzfristeg vun enger geplangter Spend zeréckzetrieden. Et ass hei wichteg, datt dëst geschitt éier d'Preparatiounsphas vum Patient fir d'Transplantatioun ageleet gëtt. Vun dësem Zäitpunkt un hänkt d'Iwwerliewe vum Patient vun Ärer Spend of.

## 06 Wéi verleeft d'Bestätegungstypiséierung?

Wann Dir als potentielle Spender fir e Patient a Fro kommt, da kritt Dir en ausféierleche Gesondheetsfroebou, fir datt eventuell aktuell Ausschlosskritäre fir eng Spend mat Zäiten erkannt kënne ginn. Doropshi geschitt d'Bestätegungstypiséierung bei där genee festgestallt gëtt wéi eng Eegenaarte vum Tissu mat deene vum Patient iwwereneestëmmen. An enger Bluttanalys gëtt no méiglechen Infektiounskrankheete gekuckt. Dës Schrëtt ginn normalerweis all Kéier widderholl wann Dir als Spender fir e Patient a Fro kommt, fir de Risiko fir de Patient esou kleng wéi méiglech ze halen.

## 07 Op wat muss de Spender oppassen éier d'Stammzelle geholl ginn?

Am Fong muss hie just drop oppassen, datt hien a sengem berufflechen a privaten Ëmfeld keng Risikoen ageet, fir datt hie gesond bleift bis datt d'Stammzellespend geschitt. Knapp zwou Wochen virun der Transplantatioun gi beim Patient d'Stammzellen, déi nach do sinn, zerstéiert. Wann elo de Spender kuerzfristeg net méi zur Verfügung steet, dann ass de Patient a Liewensgefor.

## 08 Wéi eng Risikoe ginn et bei der Stammzellespend fir de Spender?

D'Punktioun geschitt ënner enger Vollnarkos. Hei kënnt et seelen zu Komplikatiounen. Heiansdo kann et engem schlecht ginn duerch d'Narkos oder et muss ee sech iwwerginn. Duerch den Agrëff selwer kann eng liicht Péng am Beräich vun der Punktioun optrieden, déi awer normalerweis no e puer Deeg ewechgeet. Déi üblech Risikoe vun enger Infektioun an d'Bludde vun enger Wonn sinn och ze beuechten.

Bei der Aphares ass keng Narkos néideg. Doduerch gëtt de Risiko ganz kleng gehalen. D'Virbehandlung fir d'Produktioun vu Stammzellen unzereegen, ka grippenähnlech Symptomer ausléisen. Dës trieden awer nëmme kuerz op.

## 09 Wie kënnt fir d'Käschten op déi duerch eng Stammzellespend entstinn? Ass de Spender versechert?

Fir d'Käschten déi duerch d'Spend entstoe kënnen, kënnt d'Stëftung Stefan Morsch op. Si bekëmmeren sech och drëm, datt de Spender richteg verséchert ass.

## 10 Wéi geet et mengem Patient ? Däerf ech hie kenneléieren?

No den däitsche Richtlinnen ass en Treffen tëscht dem Patient an dem Spender zwee Joer no der Spend méiglech. De Kontakt gëtt duerch d'Stëftung Stefan Morsch vermëttelt.

Virdrun ass och schonn en Austausch méiglech. Dësen Austausch gëtt och vun der Stëftung vermëttelt a verleeft während der Zweejoresfrist anonym.

# Gidd Stammzellespender, rett e Liewen !
# MERCI

Yannick LIENERS



**Plooschter Projet Asbl**
30, rue du Cimetière
L-3715 Rumelange

**Kontakt:**
www.plooschterprojet.lu
like us on
info@plooschterprojet.lu
Tel.: +352 621 695 155

Maach eng Spend mat denger DIGIASH App!

DiGiCASH
MOBILE PAYMENTS

1) Scann dësen DIGICASH QR-Code

2) Gëff däi Spendebetrag an

3) Bestäteg mat dengem Fangerofdrock oder PIN Code

Méi Infos op: www.digicash.lu

Dons: CCPLLULL IBAN LU67 1111 7033 0252 0000

Mat der frëndlecher Ënnerstëtzung
vu Picken Doheem
an dem Laboratoire BioneXtLAB

picken doheem

BioneXtLAB